B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 1

# Léisungen Kapitel 1

## *Liewensetappen* Säit 8+9



A 5



B

C





D 6



Moien hei sinn ech,
mäin Numm ass

*Fabiana*

Ech sinn de 17. November ëm
10:28 Auer mat 49 cm an
3120 Gramm op d'Welt komm.

Et freet sech jiddereen,
awer virun allem meng Elteren

d'Jill Kerac an den
Alessio Briscolini

Wann Dir mir eng Freed
wëllt maachen, da kënnt
Dir en Don op de Kont
IBAN LU00 1111 1111 1111 1111
maachen.

E 2

D'Chorale Ste Cécile vun Useldeng
trauert ëm hire laangjärege Sänger

**Lucien Pierrard**

Senger Famill drécke mir onst
opriichtegt Bäileed aus.

F



G



H 1



I



J



K 3



L 4

*1. Lauschtert, wat d'Leit soen. Schreift d'Nummer vun den Aussoen bei déi richteg Foto.* 1

*2. Kuckt d'Fotoen a liest d'Wierder. Bei wat fir eng Liewensetapp passen d'Fotoen? Schreift d'Buschtawe vun de Fotoe bei d'Wierder.*

| d'Gebuert | de Bëbeesalter | d'Kandheet | d'Jugend | d'Erwuessesinn | den Alter | den Doud |
|---|---|---|---|---|---|---|
| E,K | B,E | A,B,C,G,H,L | D | D,G,H,I | A,H | F,J |

*3. Liest an notéiert. Bei wat fir eng Liewensetappe passen d'Evenementer?*

*Zum Beispill:*

1. an d'Schoul goen — Kandheet, Jugend
2. sech bestueden — Erwuessesinn, Alter
3. eng Aarbechtsplaz sichen — Jugend, Erwuessesinn
4. goe léieren — Bëbeesalter
5. op d'Welt kommen — Gebuert
6. an de Senioreclub goen — Alter
7. d'Pensioun kréien — Alter
8. liesen a schreiwe léieren — Kandheet
9. sech fir d'éischt verléiwen — Jugend
10. eng Famill grënnen / Kanner kréien — Erwuessesinn

# *Liewensgeschichten* Säit 10

*2. Kuckt uewen am Text a completéiert den Datum oder den Alter.*
*Wat fir e Saz aus dem Text passt dobäi? Schreift en an d'Tabell.*

*Zum Beispill:*

| Datum | Alter | Saz |
|---|---|---|
| 1934 | 0 | ***D'Emilie ass op d'Welt komm.*** |
| ***1954*** | 20 | ***Hatt ass Léierin ginn.*** |
| ***1959*** | 25 | ***Hatt huet sech mam Fernand bestuet.*** |
| 1961 | ***27*** | ***Si hunn hiren*** éischten ***Auto kaaft.*** |
| 1964 | 30 | ***Hiert zweet Kand koum op d'Welt.*** |
| 1974 | ***40*** | ***Si hunn hir*** éischt ***Rees mam Fliger gemaach.*** |
| ***1984*** | 50 | ***D'Emilie huet ugefaangen, Nohëllfscoursë fir Kanner ze ginn.*** |
| haut | | ***Hatt genéisst d'Pensioun.*** |

*3. Liest den Text nach eng Kéier an ënnersträicht all d'Verben an der Vergaangenheet.*

Ech sinn 1934 zu Zéisseng op d'Welt komm. Ech sinn och do an d'Schoul gaangen. Mat 20 Joer sinn ech selwer Léierin an der Zéissenger Primärschoul ginn. Ech wollt Jonggesellin bleiwen, mee dunn hunn ech de Fernand kenne geléiert an ech hu mech verléift. Wéi ech 25 Joer hat, hu mir eis bestuet an ech hunn opgehale mat schaffen. Mir sinn op Ettelbréck geplënnert an ee Joer méi spéit hu mir eist éischt Kand kritt, d'Léonie. Dat war eng ganz flott Zäit! Do hu mir och eisen éischten Auto kaaft. Dat war 1961, wann ech mech richteg erënneren. 1964, also wéi ech 30 Joer hat, koum eist zweet Kand, de François, op d'Welt. Zéng Joer méi spéit hu mir eis éischt Rees mam Fliger gemaach! Mir sinn a Spuenie geflunn, dat war eng richteg Aventure! Duerno souze mir nach méi dacks am Fliger, dat ass séier eng Normalitéit ginn. Wéi ech 50 Joer hat, waren d'Kanner scho grouss an ech hat nees vill Zäit. Ech hunn dunn ugefaangen, Nohëllefscoursë fir Kanner ze ginn. Elo fillen ech mech awer ze al dofir an ech genéissen d'Pensioun zesumme mat mengem Mann. Mir reesen nach ëmmer gär an d'nächst Joer wëlle mir d'Léonie besiche fueren. Hatt wunnt elo mat sengem Mann an Amerika, zu Boston.

# Ukommen zu Lëtzebuerg Säit 13+14

*1. Lauschtert, wat d'Leit iwwert hir éischt Zäit zu Lëtzebuerg soen. Sinn hir Aussoe positiv, negativ oder déi zwee? Schreift zwee oder dräi Stéchwierder, fir Är Äntwert ze begrënnen. Vergläicht mat Ärem Noper.*

3-7

| | positiv | negativ | Stéchwierder |
|---|---|---|---|
| 1 | | X | **Krich, net wuelgefillt, net verstanen, eleng, kal** |
| 2 | X | | **Aarbecht, gutt gefall, villsäiteg, séier agelieft, vill Leit kenne geléiert** |
| 3 | X | X | **Keng Studieplaz an Däitschland, enttäuscht, faszinéiert vun der Multikulturalitéit** |
| 4 | X | X | **Frënn vermësst, nei Leit kenne léieren, hëllefsbereet Proffen** |
| 5 | X | | **Famill, gutt opgeholl, direkt doheem gefillt, net verlaangert** |

*7. Liest a completéiert den Text mat de Wierder aus der Këscht.*

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **fir d'éischt** | **virun** | **virdrun** | **op eemol** | **deemools** | **zu gudder Lescht** |
| **am Ufank** | **enges Daags** | **no** | **dunn** | **wéi** | **dann** | 
| | | | | | **dunn** |

Ech si **viru** fënnef Joer mat menger Famill op Lëtzebuerg geplënnert. **Wéi** mir hei ukomm sinn, hate mir nach keng Wunneng an hunn dräi Wochen an engem Appartholet gewunnt. Eis Kanner waren nach kleng, **deemools** hate si dräi a fënnef Joer.

Ee Gléck war Summer a mir konnte vill erausgoen. Den Hotel war direkt bei engem klenge Park mat enger flotter Spillplaz. Moies hu mir Kaffi gedronk a **da** si mir op d'Spillplaz gaangen.

**Am Ufank** hunn d'Kanner ëmmer eleng gespillt, mee **dunn** hu si séier e puer kleng Spillkomerode fonnt. Meng Kanner hu just Italieenesch geschwat, mee fir si an hir nei Frënn war dat kee Problem.

**Enges Daags**, esou **no** zwou Wochen, war eng Fra mat engem klenge Jong vun ongeféier véier Joer op der Spillplaz. Ech hat si **virdrun** nach ni do gesinn. Hire Jong huet eleng am Sand gespillt, hien huet sech net fir déi aner Kanner interesséiert.

**Op eemol** huet hien ugefaangen, ganz haart ze sangen. En italieenescht Kannerlidd! Meng Kanner hu **fir d'éischt** komesch gekuckt an **dunn** hu si haart matgesongen. Si hunn dat Lidd natierlech kannt! Esou si seng Mamm an ech an d'Gespréich komm. A wat witzeg war: Si ware guer net aus Italien, mee aus Brasilien. Dee Klengen hat dat Lidd a senger internationaler Crèche geléiert.

**Zu gudder Lescht** hunn d'Kanner all matenee gespillt a sinn och haut nach Frënn.

# Dem Kumar seng Geschicht Säit 16+17

*2. Sicht eng Iwwerschrëft fir all Abschnitt. Schafft zu zwee oder zu dräi.*

*Zum Beispill:*

Dem Kumar säi Liewen an Indien
De Kumar an d'Elisabeth léiere sech kennen
De Kumar kënnt op Lëtzebuerg
Dem Kumar seng Aarbecht
De Kontakt mat der Heemecht

*3. Liest den Text nach eng Kéier. Formuléiert Froen a markéiert d'Äntwerten am Text.*

*Zum Beispill:*

Wat huet de Kumar studéiert?
Wou huet hie seng Fra kenne geléiert?
Wéini hunn d'Elisabeth an de Kumar sech bestuet?
Firwat huet hie Franséisch geléiert?
Wie flitt ëmmer mam Kumar op New Delhi?
Firwat huet de Kumar eng Fondatioun zu Lëtzebuerg gegrënnt?
Wéi dacks geet hien zeréck op New Delhi?

*5. Lauschtert déi zwee Gespréicher, eent mam Kumar an eent mat senger Fra. Iwwert wat fir Theeme schwätze si? Héiert Dir dat am éischte Gespréich, am zweete Gespréich oder an deenen zwee? Notéiert 1, 2 oder 1+2.* **10+11**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Aarbecht | 1+2 | Kenneléieren | 1+2 |
| Bezéiung | 1+2 | Nationalitéit | 2 |
| Famill | 2 | Sproochen | 1 |
| Hochzäit | 1 | Wunnen | 1+2 |

*6. Lauschtert d'Gespréicher nach eng Kéier. D'Elisabeth an de Kumar soen net zu alle Punkten dat selwecht. Nennt op d'mannst zwee Ënnerscheeder.* **12+13**

*Zum Beispill:*

1. Fir de Kumar war et Léift op den éischte Bléck. Fir d'Elisabeth war de Kontakt am Ufank just professionell.
2. De Kumar seet, et wier vun Ufank u guer net schwéier fir hie gewiescht zu Lëtzebuerg.
   D'Elisabeth seet, et wier am Ufank net esou einfach fir hie gewiescht.

*7. Lauschtert d'Gespréicher nach eng Kéier. Kräizt richteg (R), falsch (F) oder keng Informatioun (k. I.) un.* **14+15**

| | Gespréich 1 mam Kumar | | | Gespréich 2 mam Elisabeth | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | R | F | k. I. | R | F | k. I. |
| De Kumar an d'Elisabeth wollten am Ufank op New Dehli wunne goen. | | X | | | X | |
| Si hu sech zu London kenne geléiert. | X | | | X | | |
| Si hu sech direkt anenee verléift. | X | | | | X | |
| Si hu sech an Indien an zu Lëtzebuerg bestuet. | X | | | | | X |
| Si besichen dem Kumar seng Famill all Joer. | | | X | | X | |
| Fir de Kumar war et schwéier, sech zu Lëtzebuerg anzeliewen. | | X | | X | | |
| Et deet dem Kumar leed, datt hien net als Dokter schaffe kann. | X | | | | X | |
| Fir d'Elisabeth war hir Relatioun fir d'éischt professionell. | | | X | X | | |
| D'Sproocheléiere war schwiereg fir de Kumar. | X | | | | | X |
| De Kumar ass elo Lëtzebuerger. | | | X | X | | |

# Expressiounen op Lëtzebuergesch Säit 19

## *1. Wat passt? Kombinéiert.*

1. domm si wéi Stréi
2. fläisseg si wéi eng Wissbei
3. frou si wéi e Kichelchen
4. liicht si wéi eng Plomm
5. midd si wéi en Hond
6. rose si wéi eng Spann
7. rout gi wéi eng Tomat
8. schaffe wéi e Päerd
9. schlau si wéi e Fuuss
10. sech behuele wéi e Schwäin
11. sech gläiche wéi eng Dreps där anerer
12. stomm si wéi e Fësch
13. stuer si wéi e Bock

## *2. Liest d'Sätz a benotzt de richtege Verglach. Lauschtert duerno a kontrolléiert.* *16*

Op der Party huet mäi Brudder sech beholl wéi **e Schwäin**.

Alles war knaschteg herno a mir hu geschafft wéi **e Päerd**, fir alles propper ze maachen. Elo sinn ech midd wéi **en Hond**. Ech war rose wéi **eng Spann**; ech sot: Du bass domm wéi **Stréi**! D'nächst Kéier méchs de däin Dreck selwer ewech!

Mäin Noper ass verléift. Wéi hie seng nei Frëndin fir d'éischt gesinn huet, ass hie rout wéi **eng Tomat** ginn. Bei hirem éischte Rendez-vous war hien esou nervös, datt hien am Ufank stomm wéi **e Fësch** bliwwen ass. Mee wéi hatt sot, hatt wéilt hien erëmgesinn, war hie frou wéi **e Kichelchen**.

D'Lena an d'Lona sinn eeneeëg Zwillingen, si gläiche sech wéi **eng Dreps där anerer**. Ausserdeem si si ganz raffinéiert; hire Papp seet ëmmer zu hinnen: Dir sidd schlau wéi **e Fuuss**, mee an der Schoul wier et och gutt, wann dir fläisseg wéi **eng Wissbei** wiert.

D'Clara ass Dänzerin vu Beruff; hatt weit guer net vill, hatt ass liicht wéi **eng Plomm**. Mee hatt huet en décke Kapp a kann heiansdo stuer wéi **e Bock** sinn.